LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3185 du 13 novembre 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet des conditions de preuve de l'honorabilité professionnelle pour l'extension d'une autorisation d'établissement**

1. **Kann den Här Minister confirméieren, dass Persounen, déi eng Etablissementsgenehmegung erweidere wëllen a manner wéi 10 Joer zu Lëtzebuerg residéieren, en Extrait aus dem Strofdossier vun hirem viregte Residenzland musse virleeën?**

Virop sollt drop higewise ginn, datt d'Ausstellung vun enger Handelsermächtegung doru gebonnen ass, datt den Demandeur seng berufflech Integritéit noweise kann. Dozou gehéiert, ënner anerem, en Extrait aus dem Strofregister virzeleeën. Dës Ufuerderung ass wichteg, fir zukünfteg Clienten a méiglech Geschäftspartner ze schütze souwéi d'Integritéit vum jeeweilege Beruff ze erhalen.

Eng Persoun, déi virun manner ewéi 6 Méint eng Handelsermächtegung ausgestallt krut an hier Aktivitéiten erweidere wëll, muss keen neien Extrait aus hirem Strofdossier virleeen. Falls d'Persoun allerdéngs viru méi ewéi 6 Méint eng Handelsermächtegung ausgestallt krut, muss si dem Wirtschaftsministère am Kader vun den Honorabilitéitsreegelen en neien Extrait aus hirem Strofdossier virleeen.

2. **Kann de Minister confirméieren, dass dës Ufuerderung och fir naturaliséiert Lëtzebuerger Bierger gëllt?**

Déi nämmlecht Konditioune gëlle fir naturaliséiert Lëtzebuerger Bierger, wa si méi wéi 10 Joer zu Lëtzebuerg residéieren. Sie brauchen allerdéngs keng „déclaration notariée de non-faillite" anzereechen.

3. **Aus wéi engem Grond muss d'honorabilité professionnelle duerch en auslännesche Strofdossier op en Neits iwwerpréift ginn, obwuel dës scho bei der éischter Geneemegung vum selwechten Entrepreneur festgestallt gouf?**

Dës Prozedur ass eng obligatoresch Due-Diligence-Moossnam, déi néideg ass fir d'Honorabilitéit vum Entrepreneur ze kontrolléieren. Dës Moossnam ass wichteg, well am Laf vun der Zäit nei Entwécklunge respektiv Ännerungen am Strofdossier vun engem Entrepreneur méiglech sinn, déi berücksichtegt musse ginn. Duerch dës Kontroll gëtt d'Konformitéit mat den Honorabilitéitsreegele garantéiert.

4. **Steet dës zousätzlech Kontroll am Aklang mam Prinzip vun der administrativer Vereinfachung? Gëtt et Pläng, dës Prozedur unzepassen, fir eng duebel Iwwerpréiwung bei simpelen Erweiderunge vun Aktivitéiten ze verhënneren?**

Am Kader vun der administrativer Vereinfachung gëtt aktuell analyséiert ewéi de Wirtschaftsministère zukünfteg op den „European Criminal Records Information System" (ECRIS) zeréckgräife ka fir de

Strofdossier vun EU-Bierger net méi ufroen ze mussen. Et sief allerdéngs ugemierkt, datt déi administrativ Prozedur e Strofdossier unzefroen an deene meeschten EU-Länner esou séier an onkomplizéiert verleeft ewéi zu Lëtzebuerg.

Luxembourg, le 05/12/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles